

Fir gutt Wieder solls de bieten
Eiser Herrgott féiert d'Sonn
Ma vergiess dobäi nèt d'Jieden
508 'T mécht dem Feld eng nätzlech Wonn.

Fort mam Onkraut, dat as d'Iwels
Hal déng Soten dovu sonner
Gëf der Méi, well fir d'Gekniwels
512 Deet der Wieder *nèt* e Wonner.
512 *nèt* ausgestrach an drënner *jo*

Zräiss de Buedem, zräiss féng dack en,
D'Éig an d'Rolle musse schaffen
Solle Weess a Kléi gutt stacken
516 Maach am Mäerz en d'Feld recht affen.

VI

Wann no Frascht a Määrzeschauer
D'Sonn op Bierg an Dall nu schingt
Frou kuckst em dech léiwe da gelt Bauer
520 *Wann* d'Gewan rondem dech gringt.
519 *Frou kuckst em dech da gelt* as an eppes geschriwwen,
wat nèt ze liesen as, *léiwe* as gestrach
520 *Wann* verbessert a *Wäll*

Wann eraus d'jong Some krichen
An di aner si schuns do
Wann de Kapp all Planzen *hiewen*
524 An de Vulle laustren no.
521, 523 *Wann* verbessert a *Wäll*
523 *lichen* an *hiewen* geschriwwen

Well de Bësch mam gréngen Hittchen
Houfreg op dem Bierg *do* nu steet
An den Hürt mam ale Liddchen
528 An dem Dall em d'Schofhäerd geet.
526 *do* as duerchgestrach

Well d'jongt Lamp duurch blummeg Krädder
Glott zu sénger Mudder spréngt
Awer d'Kou de vollen Edder
532 Owens vun der Weed *em* bréngt.
532 an *em* as *da* drageschriwwen

D'Aarbecht rifft nun allenennen
Haart duurch d'Woch dem Bauer zou;
Ma se geet *em* liicht vun Hännen,
536 Bis de Sonndeg bréngt *em* Rou.
535 an *em* as *dir* drageschriwwen
536 an *em* as *der* drageschriwwen

Wann de schéine Sonndesmuergen
Mat der Réischen op dem Hutt
Këmmt sou halwer ouné Suergen
540 *Gelt dat deet am Häerz der Bauer* gutt.
540a 't deet am Häerz dem Bauer gutt.
540 *Gelt dat deet am* an eppes Aneshtes drageschriwwen;
Bauer as duerchgestrach; *dem* verbessert an *der*; 540a *bäige-*
schriwwen

Well dem *Schweess* un d'Mantelbrietchen
Hänkt nun op dain aalt Wierteskleed
An du këmms wi aus er Liedchen
544 *Wann en dann* op d'Kirch zou geet.
541 *dem Schweess un d'* ersat duerch *nun hänkt um*
542 ganz Zeil duerchstrach an driwwer geschriwwen: *D'Wier-*
teskleed mam Wocheschweess
544 *Wann en dann* verbessert an *Wann s de stëll*;
geet verbessert an *gees*

D'wiertes Box, de bloe Kiddel
D'schluetwäisst Hiem de schwaarzen Hutt
Wann och nèt nom leste Mittel
548 Stin dem Bauer sonndes gutt.

Och déng Fra, déng waakreg Kanner
Si jo nett a fest gekleet
Maach mer awer datt dohanner
552 Nèt eng Nott beim Kréimer steet!

Huel an Uecht dech louse Bauer,
An all Buttéck as e Lach
Do an hun der, 't as en Dauer
556 Vill schuns Hals a Bee gebrach.

Virum Lach do läit dem Kréimer
Säi Regester déck a breet
Héischt de, vun dem Buch do géi mer
560 Féils d'an d'Lach dat ditt mer leed.

Well do nidde sëtzt de Riichter
An de Réifer mat dem Bengel,
An se man der wéischt Gesichter
564 An den Huisschen as keen Engel.
564 *och* an *an* drageschriwwen

Hun déi dräi dech ënnrem Hummer,
Alles schlön se der zu Blech
'T sief nu Wanter oder Summer
568 Puddelnakeg flitts d'ewech.

Jee, ech wollt dech *dach* ermennen
An du weess jo wi et geet.
Ma dech wëll ech guer nèt dunnen
572 Well du bas jo nèt verkleet.
569 *dach* duerchgestrach, driwwer geschriwwen *drun*
571 *Ma dech wëll ech* verbessert an drageschriwwen *Dach ech*
wëll dech

Looss den Houfert a séng Plommen
D'Spuerzemkeet behal am Sann:
D'Kleder ma behenn kee Dommen
576 An de Paltong *mécht kee* Mann.
576 *mécht kee* as duerchgestrach an driwwer geschriwwen *nèt*
de

Ma de Liichtfank as en Déier
Wuers de féiers deem séng Mëst
Wäers de fannen datt se séier
580 D'Feld mat Grond a Buedem frësst.
577 *Ma de Liicht* an eppes Aneshtes drageschriwwen; *iwwer*
Ma as *An* bäigesat